

En Dag 2018 am Bësch



RÉISERBANN
d'Réiser Gemeng



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures
Administration de la nature et des forêts



6. Mee

Vun 10 bis 16 Auer um Herchesfeld

Thema: „D'Geschicht vum Bësch –
de Bësch am Laf vun de Joerhonnerten“

*Bësch-Rallye
Maart mat regionale Produkter*



D'Gemeng Réiser organiséiert
an Zesummenaarbecht mat
der Gemeng Fréiseng,
der Ëmweltkommissioun,
der Naturverwaltung a verschiddene
Veräiner aus der Gemeng
de **6. Mee 2018**
e gesellegen Dag am Bësch
um a ronderëm d'Herchesfeld.



Vun 10.00 bis 16.00 Auer

Sidd dir häerzlech agelueden un engem **flotte Bësch-Rallye**
deelzehuelen. Op verschiddene Statiounen gëtt d'**Thema**
„D'Geschicht vum Bësch – de Bësch am Laf vun de Joerhonnerten“
op ënnerschiddlech Manéieren opgegraff an duerch interessant
Informatiounen illustréiert.

Am Kader vum Dag am Bësch ass dëst Joer erëm e **Maart mat Produkter**
aus der Regioun an engem Stand mat Fair-Trade-Produkter.

Restauratioun: Wëldwurst – Grillwurst – Grompere mat Sauerram a Kraider –
Veggie-Burger – traditionell Tarte flambée – Tarte flambée mat Äppel a Kanéil

*Dës Manifestatioun ënnerstëtzt de Projet „ARFA - Association de Recherche et
de Formation Agro-écologique“ am Burkina Faso, deen d'Gemeng am Kader
vum Klimabündnis agangen ass.*